



Här Chris BERNARD

Gemegeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

2026.73089.SECR – E. Referenz

Péiteng, den 18. September 2026

Betreff: Är Froe vum 19. August 2026

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Serge Breyer - Tel.: 50 12 51 - 2071)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 18. August 2026, deen der Gemegeverwaltung den 19. August 2026 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

An der Ausgab vum Gemegebuet "Meng Gemeng"- August/September 2026, ass op der Säit 36 eng politesch orientéiert Foto ze gesi, déi reng politesch Membere vun enger Partei aus der Péitenger ze gesi sinn.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemegegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Kann de Schäfferot eis erkläre wisou d'Foto op der Säit 36, déi reng Parteimembere vun enger Partei weist, et bis an de Gemegebuet gepackt huet?*
- 2. De Comité de rédaction, stellt Inhalter vu der Zäitschrëft "Meng Gemeng" zesummen. Wéin bestëmmt wéi wäit de politeschen Inhalt goen däerf an der Zäitschrëft "Meng Gemeng"? A wéi ee Schäfferotsmember akkordéiert schlussendlech déi Final Publicatioun?*
- 3. Wéi steet de Schäfferot dozou, dat Parteifotoen oder Fotoe mat engem kloer politesche Charakter am Gemegebued publizéiert ginn?*

*Mat Respekt,
Chris Bernard
Gemegeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Mir wëssen net genee, op wéi eng Foto Dir lech bezitt, a mir kënnen och net beurteelen op d'Persounen op de Fotoen op der Säit 36 alleguer Member vun enger Partei sinn.

De Bulletin 'Meng Gemeng' gëtt ausschliesslech vun der Cellule Relations publiques vum Service Culture et communications opgestallt. Am Respekt vun der Pressefräiheet hält de Schäfferot sech aus dem redaktionellen Inhalt eraus, wéi dat och bei anere Publikatioune wéi RPL TV oder de soziale Medien de Fall ass. Déi zoustänneg Beamte maachen hir Aarbecht mat der néideger Suergfalt an am gudde Gewëssen.

E Gemengebuet soll selbstverständlech sachlech an neutral sinn an däerf net als Instrument fir parteipolitesch Kommunikatioun genotzt ginn. Parteipolitesch Messagen hunn dofir näischt am Gemengebuet ze sichen.

Gläichzäiteg ass et wichteg, tëscht parteipolitescher Kommunikatioun an der Berichterstattung iwwer d'Aarbecht vun der Gemeng ze ënnerscheeden. De Gemengebuet déngt och dozou, d'Aarbecht vum Gemengerot ze dokumentéieren, notament d'Sëtzunge vum Gemengerot, d'Decisiounen an d'Interventioune vun de Gemengerotsmemberen oder d'Äntwerten op hir Froen.

An dësem Kontext kënnen och Persounen oder Situatiounen ze gesi sinn, déi e politesche Charakter hunn, ouni datt domat eng Partei oder eng politesch Positioun promovéiert soll ginn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,